LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Le Premier ministre

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 3196 vum 14. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

**1. Wéi war d'offiziell Lëtzebuerger Delegatioun bei de Gedenkfeierlechkeete fir den 80. Joresdag vun der Liberatioun vum Camp Auschwitz de 27. Januar 2025 genee zesummegesat?**

Déi offiziell Delegatioun huet aus follgende Persoune bestanen:

- Den Ierfgroussherzog;
- D'Ierfgroussherzogin;
- De Premierminister;
- De President vum Consistoire israélite de Luxembourg, zäitgläich Member vun der Fondation luxembourgeoise pour la Mémoire de la Shoah;
- De President vun der Fondation luxembourgeoise pour la Mémoire de la Shoah, zäitgläich Vize-President vum Comité Auschwitz, Member vum Comité mémoire fir de Grupp "Communauté juive, victimes de la Shoah", a Member vun der Lëtzebuerger Delegatioun bei der IHRA;
- Sur Place: de Lëtzebuerger Ambassadeur a Polen.

Dobäi koume Beamten aus der Maison du Grand-Duc, aus dem Staatsministère an aus der Lëtzebuerger Ambassade, déi fir den Encadrement zoustänneg waren.

**2. Vu wiem an op Basis vu wéi enge Krittäre gouf d'Selektioun vun de Membere vun dëser Delegatioun gemaach?**

Wéinst der grousser Wichtegkeet vun der Zeremonie gouf dorop geuecht, d'Lëtzebuerger Delegatioun esou opzestellen fir den Affer vun der Shoah méiglechst representativ ze gedenken a si ze honoréieren.
Et war besonnesch prioritär, d'jiddesch Communautéit – am Aklang mat de logistesche an den organisatoresche Méiglechkeeten – entspriechend mat an d'Delegatioun ze integréieren.

**3. Aus wéi enge Grënn goufen déi engagéiert Benevole vun Associatioune wéi dem Comité Auschwitz, "Témoins de la Deuxième Guerre mondiale" oder MemoShoah net an dës Delegatioun abezunn?**

De Benevolat spillt eng zentral Rôle an der Gedenkaarbecht. De Vize-President vum Comité Auschwitz, zäitgläich och President vun der Fondation Shoah, war dofir och Deel vun der offizieller Delegatioun.

**4. Veröffentlecht de ComMém 2GM e järleche "Rapport d'activité" an, falls jo, wou kann dësen agesi ginn?**

D'Aktivitéite vum Comité mémoire ginn am "Rapport d'activité" vum Staatsministère gefouert. De Rapport vun 2024 kann online consultéiert ginn, an zwar ënner: Rapport d'activité 2024 du ministère d'État - Le gouvernement luxembourgeois

De Comité mémoire informéiert zousätzlech op hirem Internetsite (https://cm2gm.lu/) iwwert hir Missiounen an Aktivitéiten.

**5. Wéi gesäit déi detailléiert Opdeelung vum Budget vum ComMém 2GM aus a fir wéi eng Zwecker goufen dës Mëttele genee agesat?**

Eng detailléiert Opdeelung vum Budget vum Comité mémoire fir déi lescht dräi Joren ass un dëser Äntwert annexéiert.

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN

ANNEXE

**Article 003.12.345 Comité mémoire : 65.000 Euro.**

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Dépense** | **Remarque** | **2023** | **2024** | **2025*** |
| **Frais de fonctionnement** | Frais en lien avec le fonctionnement du Comité mémoire / Service de la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale. | 5 180.98€ | 3 115.51€ | 4 747.81€ |
| **Fleurs pour cérémonies** | Gerbes / couronnes de fleurs déposées par le Comité mémoire lors de cérémonies commémoratives. | 3 009.00€ | 2424.37€ | 3788.00€ |
| **Site internet** | Maintenance et mise à jour du site internet du Comité mémoire : https://cm2gm.lu / | 1 183.20€ | 3 240.90€ | 4 306.19€ |
| **Publication** | Édition et réimpression de la brochure éditée par le Comité mémoire sur la Deuxième Guerre mondiale au Luxembourg. | 4 810.10€ | 5 204.59€ | 4 960.48€ |
| | Présentation d'une brochure en quatre langues sur la Deuxième Guerre mondiale, d'un carnet pédagogique et du site web CM2GM (www.cm2gm.lu) - Le gouvernement luxembourgeois | | | |
| **Projet "Journée de commémoration nationale"** | Organisation d'une rencontre culturelle sur le thème de la mémoire par le Comité mémoire en collaboration avec une commune / un lycée pour la Journée de commémoration nationale. Et publication d'une brochure. | 3 968.82€ | 1 050.60€ | 6 167.29€ |
| | Journée de commémoration nationale - Le gouvernement luxembourgeois | | | |
| **Projet "Rucksakbibliothéik"** | Projet pédagogique du Comité mémoire avec organisation d'une cérémonie de remise. | 324.95€ | 163.80€ | 166.48€ |
| | Claude Meisch et Elisabeth Margue à la cérémonie de remise de la « Rucksakbibliothéik » - Actualités - Education nationale, | | | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Enfance et Jeunesse - Luxembourg | | | |
| **Projet "Carnet pédagogique d'activités" (2023-2025)** | Développement, rédaction et impression d'un carnet pédagogique d'activités pour le Fondamental sur la Deuxième Guerre mondiale réalisé par le Comité mémoire et le ZpB.<br>"Op eemol war alles anescht…": un nouvel outil pédagogique sur la Deuxième Guerre mondiale - The Luxembourg Government | 4 036.80€ | 16 882.12€ | 4 546.62€ |
| **Exposition Guido Oppenheim (2023)** | Organisation d'une exposition sur Guido Oppenheim à la Villa Pauly.<br>Midi de l'Art : Guido Oppenheim (1862-1942). Un peintre luxembourgeois à l'affût de la nature \| Les amis des musées d'art et d'histoire Luxembourg | 4 413.80€ | | |
| **Projet "Echoes of War" (2024- en cours)** | Soutien financier au MNHM pour le développement d'une base de données en ligne sur les monuments en lien avec la Deuxième Guerre mondiale. | | 2 059.20€ | 14 624.18€ |
| **Projet "Films sur la Deuxième Guerre mondiale" (2025)** | Développement de plusieurs scénarios pour des films / documentaires sur la Deuxième Guerre mondiale. | | | 5 850.00€ |
| **Plaquette "Corniche" (2025)** | Soutien financier à la réalisation et à l'installation d'une plaquette éducative sur le chemin de la Corniche, en lien avec la Deuxième Guerre mondiale.<br>Luc Frieden au dévoilement d'une plaque sur le chemin de la Corniche en lien avec la Deuxième Guerre mondiale - Die Luxemburger Regierung | | | 4 616.82€ |
| | | | | |
| | TOTAL : | 26 927.65€ | 34 141.09€ | 53 773.87€ |

*Situation au 4/12/2025